

Lëtzebuerg, den 29. Januar 2021

Här Fernand ETGEN  
Chamberspräsident  
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH  
PARTEI

Chambre des Députés  
Groupe Parlementaire

Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, bieten ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Energie weiderzeleeden:

*« An engem rezenten Zeitungsartikel huet den Här Minister dat enormt Potenzial fir Solarenergie ugeschwat, dat déi ronn 100 Hektar Parkfläch zu Lëtzebuerg géife bidden, wann een se am Stil vun engem « Carport » géif iwwerdecken a Photovoltaikanlagen drop installéieren.*

*Donieft huet den Här Minister och annoncéiert, dass eng PV-Anlag op de Killweieren zu Raemerech beim Belval soll installéiert ginn.*

*An deem Kader wollt ech dem Här Minister fir Energie folgend Froe stellen:*

- Wéi gedenkt den Här Minister d'Potenzial vun de Parkflächen ze mobiliséieren ?*
- Ginn et scho Pläng fir nei Subside fir d'Geschäfte z'incitéiere fir a) hir Parkfläch z'iwwerdecken a b) Photovoltaikanlagen drop z'installéieren ?*
- Wa jo wéi géifen déi ausgesinn ? Fir wéini kéinten se agefouert ginn ?*
- Ass virgesinn, änlech dem Solarkataster fir Diecher, och e Plang mam energeetesche Potenzial vu Parkflächen z'erstelle fir rauszefannen, wou et am sënnvollsten ass, Carport-PV-Anlagen opzerüchten ?*

9, rue du St. Esprit  
B.P. 510  
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1  
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu  
www.dp.lu

*- Kann den Här Minister weider Informatiounen ginn zum PV-Projet op de Killweieren zu Raemerech ? Fir wéini kann dermat gerechent ginn, dass déi Anlag a Betrib geholl ka ginn ?*

*- Ginn et nach weider Projete vu PV-Anlagen, déi op Waasserfläche sollen installéiert ginn ? »*

Mat déiwem Respekt,

Max HAHN  
Deputéierten